N°1227
Entrée le 23.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1227 vum 23. September 2024 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy

<u>Fro 1 an 3</u>

D'Grondviraussetzung fir eng méi séier a méi effikass Justiz ass, datt den akute Personalmanktem an der Magistratur behuewe gëtt. Dofir ginn 194 nei Magistrateposte geschafen.

D'Gesetz vum 24. Juli 2024 huet schonns 94 nei Magistrateposte geschafen. Dobäi kommen nach zousätzlech 20 Poste fir Justizattachéen. E weidere Gesetzesprojet Nr. 8299B gesäit d'Schafe vun enger Reserve vun 100 zousätzleche Magistrateposte vir. Hei waarde mir aktuell op den Avis vum Staatsrot.

Et geet awer net duer fir nei Magistrateposten ze schafen, mee et muss een och genuch a kompetent Leit fannen, fir déi oppe Poste besetzen ze kënnen. Dofir gesäit de Gesetzesprojet Nr. 8433 eng Reform vum Accès zur Magistratur am Kader vun enger Ännerung vun der Legislatioun iwwert d'Justizattachéë vir. Et geet drëms fir de Reservoir vun de Kandidate fir d'Magistratur méi grouss ze maachen. De Gesetzesprojet Nr. 8433 ass nach net vum Staatsrot aviséiert ginn.

Zousätzlech zur Opstockung vun der Zuel vun de Magistraten, suerge mir dofir, datt och d'Greffe vun de Geriichter an d'Sekretariater vun de Parquete mat genuch administrativem Personal verstäerkt ginn.

Dës Personalopstockunge wäerte mëttel- a laangfristeg zu enger Verkierzung vun de Geriichtsprozedure féieren.

Gläichzäiteg ginn d'Projete fir d'Digitaliséierung vun der Justiz virugedriwwen. Dëst wäert et erméiglechen, fir vill Demarchen am Justizsystem méi einfach a séier ze maachen. Grad de verstäerkten Asaz vu Kënschtlecher Intelligenz (KI) an der Justiz wäert an d'Zukunft eng wichteg Hëllef ginn, woubäi kloer ass, datt KI awer ni e Riichter wäert ersetzen.

D'Regierung mécht och déi néideg Efforte fir déi grouss Retarde bei der Mobiliséierung vun den zousätzlech néidege Gebäilechkeeten fir d'Justizautoritéiten opzehuelen, well den aktuelle Manktem u Büroen a Geriichtssäll riskéiert soss eng negativ Auswierkung op d'Delaien ze hunn.

Dodernieft gi verschidde Geriichtsprozedure moderniséiert. De Koalitiounsaccord 2023-2028 gesäit am Kader vum Code de procédure pénale zum Beispill eng acceleréiert Prozedur vir. D'Delaie wäerten awer och an d'Zukunft ëmmer vu ganz ënnerschiddleche Facteuren ofhänken, wéi d'Komplexitéit vun der Affaire, d'Rekursméiglechkeeten an d'Strategie vun de Parteien an hiren Affekoten. Dowéinst ass et net méiglech fir pauschal Previsiounen ze maachen.

Fro 2

Generell ginn et ze wéineg Interessente fir eng Expertise am Kader vun enger Geriichtsprozedur duerchzeféieren. A verschiddenen Dossieren dauert et méi laang fir de passenden Expert ze fannen.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue